



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Luxembourg Times schreift, datt déi brittesch Regierung diskutéiert fir de Plafonnement vun de Bonusprimme vu Mataarbechter aus dem Bankberäich, deen d'Veereenegt Kinnekräich nach als Member vun der EU akzeptéiert huet, opzehiewen, fir op déi Manéier fir international Investoren a qualifizéiert Personal nees méi attraktiv ze ginn. Sou eng Decisioun géif London natierlech och op den Hibléck mat der Konkurrenz zur Finanzplaz Lëtzebuerg huelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Fro stellen:

- 1) Gesäit d'Madamm Finanzminister de Virstouss aus London als Geleeënheet fir op nationalem an EU-Niveau den nämmechte Schratt ze ënnerhuelen? Falls net, wéi gedenkt d'Madamm Minister dës kloren Nodeel an der Kompetitivitéit, deen eiser Finanzplaz géif entstoen op aner Manéier ze kompenséieren?

Mat déiwem Respekt,

  
Roy Reding  
Deputéierten